# GITT KÉISÉCKERFRËNDLECH GEMENG!

Och Gemenge kënnen a sollen hire Bäitrag leeschten! Genau wéi Privatleit sollen sie oppassen, datt keen Zonk, Drot... eng Barrière duerstellt, déi net ze iwwerwannen ass, naturno Anlage gestalten, fir Plaze suerge wou de Kéisécker sech ka verstoppen a villes méi (liest Detailer ënnert "Maacht mat – e kéiséckerfrëndleche Gaart".

**Wann Dir als Gemeng matmaacht: dann informéiert eis doriwwer!**

Gäre veröffentleche mir Fotoen dervun: meco@oeko.lu.

## Schaaft lech e klénge Kéisécker-Passage un!

Wëllt Dir dem Kéisécker e richtegen Duerchgang maachen? An Ärem Gaart heimat weisen, datt Dir e kéisécker-frëndleche Gaart hutt an aner Leit, Är Noperen, Frënn ... esou mat sensibiliséieren?

Dann ass dëse Mini-Tunnel aus Douglasholz - extra fir dës Aktioun gemaach - genau dat Richtegt fir lech. Präis: 16.- Euro beim Ofhuelen am Oekozenter Pafendall, 20.- Euro wann e soll verschéckt ginn.

# MIR LEEËN E KÉISÉCKERFRËNDLECHE GAART UN – INFORMÉIERT EIS IWWERT ÄR INITIATIVEN!

**Einfach Aktioune mat deenen dem Kéisécker séier gehollef ass – fir jiddweree vun eis, awer och fir d'Gemengen:**

## Chemiefräie Gaart uleeën

Benotzt keng Chimie am Gaart! Schleekegëft an Insektizide vernichten dem Kéisécker seng Nahrungsgrondlag a kënnen hie krank maachen. Dëst gëllt och fir kënschtlechen Dünger. Duerfir ass e Biogaart optimal fir de Kéisécker.

## Duerchgängegkeet tëschent Liewensraim sécherstellen

Zénk sinn eng Barrière fir de Kéisécker, wou e net derduerch kënnt oder dran hänke bleift. Maacht duerfir kéiséckergerecht (13x13 cm) Lächer an Dréit a Maueren (z.B. www.hedgehogstreet.org/).

Planzt z.B. eng Heck amplaz vun engem Zonk.

## Naturno Anlage gestalten

Méit net alles mateneen, mee loosst ëmmer een Deel méi héich stoen. De Kéisécker freet sech iwwert dës Stopp.

Leet amplaz vu gréngem Wues méi faarweg Wise mat Bléien un. Hei schléit een direkt méi Mécke mat enger Baatsch: Dës Wise brauchen net esou dacks geméit ze ginn, dat heescht de Kéisécker gëtt manner gestéiert, e kann sech verstoppen an duerch déi vill Bléien si méi Insekten do, déi hie friesse kann.

## Fale vermeiden

E Weier oder eng Schwämm mat ze géien Uwänner sinn eng reegelrecht Fal fir de Kéisécker, well en hei net méi eraus kënnt an erdrénkt. Leet an deem Fall einfach eng Ramp un, iwwer déi de Kéisécker eraus klotere kann, wann en emol an d'Waasser fält.

## Fir Plaze suergen, wou e sech ka verstoppen

De Kéisécker brauch awer och Méiglechkeete fir sech ze verstoppen. Op enger dréchener Plaz kann een e Stapel Holz, e Koup Äscht a Blieder opschichten, wou de Kéisécker kann drënner krauchen. Optimal ass e Kéiséckerhaus.

## Opgepasst beim Asaz vu Maschinnen!

Scho méi wéi ee Kéisécker gouf Affer vun engem Fräischneider oder enger Méimaschinn. Op kee Fall e Méiroboter asetzen! Dës Apparater ginn oft och nuets agesat, wann de Kéisécker als nuetsaktiivt Déier ënnerwee ass, an Tester hunn gewisen, datt si de Kéisécker „voll erwëschen"...

## Feinde vum Kéisécker: Trapen, Drot, Trennwänn, Netzer

Et ass wichteg, datt de Kéisécker Passagen am Drot, an den Trennwänn a Maueren zum Noper huet. E brauch nämlech eng ganz Rei vu Gäert als Revéier fir ze iwwerliewen a muss hei hin an hier goe kënnen!

An e kéiséckerfrëndleche Gaart gehéieren och keng Äerdbiernetzer oder aner Saache wou de Kéisécker kéint ëm d'Liewe kommen.

## Manner Auto a lues fueren

Grousse Feind vum Kéisécker ass den Auto. Op senge Wanderungen nuets hëlt hien ëmmer aner Weeër, et weess een duerfir ni wou en iwwert d'Strooss geet. Extra Kéisécker-Passagen oder Unterführunge bréngen also net vill. Eisem pickege Kolleg ass am Beschte gehollef, wann Dir op den Auto verzicht. Wann Dir awer nuets mam Auto ënnerwee sidd, da fuert lues (och wéinst aneren Déieren) a passt virun allem bei Plaze wou Hecken un d'Strooss stoussen, gutt op!

**Mir ruffen all Kéiséckerfrënn op konkret Projete fir de Schutz vum Kéisécker ze maachen, onofhängeg dovun, ob Dir eng Privatpersoun, e Veräin oder eng Gemeng sidd. Mir wëlle gutt Beispiller och bei eis weisen: op eiser Internetsäit, ma och an dem Memberbulletin vum Mouvement Ecologique www.meco.lu oder op Facebook.**

**Mailt eis e puer Fotoe vun Ärem Projet!**

# WOU LIEWEN NACH KÉISÉCKER ZU LËTZEBUERG? MELLT EIS ÄR BEOBACHTUNGEN!

Mir sammelen Infoen iwwert d'Virkomme vum Kéisécker zu Lëtzebuerg. Hutt Dir 2019 e Kéisécker gesinn, souguer vläicht bei lech am Gaart? Oder leider just iwwerrannt um Bord vun der Strooss?

Mir brauchen Är Beobachtungen uechter d'Land fir dem Kéisécker seng aktuell Verbreedung hei zu Lëtzebuerg ze ermëttelen. Gëtt et bestëmmte Plaze wou en nach méi dacks virkënnt? Op anere guer net méi?

Andeem een esou en Inventaire a reegelméissegen Ofstänn mécht, kann een eng Ausso zur Bestandsentwécklung iwwert Joerzéngte maachen a feststellen, op Schutzmoossnamen effikass sinn oder net ...

**An: Op deene Plaze wou en nach méi heefeg ass, soll en et natierlech och weiderhi bleiwen, an do wou en net méi dacks ze fannen ass, mussen onbedéngt Mesuren ergraff gi fir en ze ënnerstëtzen!**

**Wat méi Leit bei dësem Monitoring matmaachen, wat eist Bild méi genee gëtt. Selbstverständlech wäerte mer lech iwwert d'Resultat ausféierlech informéieren!**

* iNaturalist ass e Citizen-science Projet an en online Netzwierk vun Naturalisten, interesséierte Leit aus dem Grand Public a Biologen, dat um Konzept vum crowd-sourcing vun Donnéen zu der weltwäiter Biodiversitéit baséiert. Fotografiéert Planzen- an Déierenaarte ginn duerch eng Software automatesch erkannt, an dës Identifikatioune ginn dono awer och vun der iNaturalist-Community validéiert. Sou entwéckelt a verbessert sech dës Bestëmmungs-Software um lafende Band an d'Donnée kënne fir wëssenschaftlech Zwecker benotzt ginn.

## Wéi matmaachen?

Mellt all Är Beobachtunge wou a wéini Dir e Kéisécker gesinn hutt!
Dir kënnt dat op **3 Aart a Weise** maachen:

1

**Mat Ärem Smartphone via d'App iNaturalist***

Biller mat der Uleedung, wéi Dir är Beobachtunge mat der App melle kënnt, fannt Dir um Site: www.meco.lu/de/keisecker-maskottchen/keisecker-maacht-mat/

2

**ODER iwwert den Internetsite vun iNaturalist*: www.inaturalist.org**

Biller mat der Uleedung, wéi Dir är Beobachtunge iwwer Internet melle kënnt, fannt Dir um Site: www.meco.lu/de/keisecker-maskottchen/keisecker-maacht-mat

3

**ODER iwwert E-mail: meco@oeko.lu**

An deem Dir E-mail mat de genauen Donnéeë vun Ärer Beobachtung (Koordinaten, Datum) un meco@oeko.lu maacht oder beim Gréngen Telefon urufft: 439030-1, dann droe mir et fir lech an.

**De Kéisécker seet lech elo scho Merci fir är Hëlleff!**

## VERFOLLEGT DE PROJET!

Iwwert den iNaturalist-Projet-Site „De Kéisécker" kënnt Dir live verfollegen, wou de Kéisécker am Kader vun eiser Aktioun iwwerall gemellt gëtt. Mir mellen eis och reegelméisseg mat News an Auswäertungen zum Projet am Kéisécker-Info.

## OPGEPASST!

De Kéisécker ass e wëllt, fräiliewend Déier. Dofir w.e.g. keen Déier upaken, afänken oder onnéideg hetzen (z.B. wann der eng Foto maacht). Wann der sollt e blesséierte Kéisécker fannen, mellt lech am Beschte bei der Opfangstatioun fir Wëlldéieren (Diddeleng) oder eng vun den Drop-off Plazen.

# Aktioun Kéisécker

# EISE KÉISÉCKER

## DAT LUEST AN ONBEMIERKTEN AUSSTIERWE VUM „MASKOTTCHEN“ VUM MOUVEMENT ECOLOGIQUE

50 Joer

mouvement écologique

LEIT BRAUCHE VISIOUNEN / VISIOUNE BRAUCHE LEIT

# EISE KÉISÉCKER

## DAT LUEST AN ONBEMIERKTEN AUSSTIERWE VUM „MASKOTTCHEN“ VUM MOUVEMENT ECOLOGIQUE

Maacht mat bei eiser Aktioun!

**Viru 50 Joer hunn d’Grënner vum Mouvement Ecologique decidéiert hir Zäitschrëft „De Kéisécker” ze nennen, wëll dës Déierenaart sympathesch a pickeg zugläich ass. Deemools hätt kee geduecht datt dës Déierenaart eemol géing riskéieren auszestierwen.**

## De Kéisécker a Gefor

Elo ass et souwäit: De Kéisécker ass a Gefor. De Réckgang vun den Aarte weltwäit, an och zu Lëtzebuerg, ass dramatesch! Esouguer Aarten, déi zu Lëtzebuerg iwwerall verbreet waren, ginn drastesch zréck! De schläichende Verloscht vun der Biodiversitéit ass net nëmme fir d’”Spezialisten” ënnert den Aarten (déi spezifesch Liewensraim brauchen) däitlech erkennbar: keng Insekte méi op der Fënster vum Auto, keen Hues a kee Feldhong méi op der Gewaan, d’Léiercher op eise Felder sangen (bal) net méi, keng Tureil a kee Steekauz méi, déi nuets Kreesch dinn, Spatz a Schaachtegschmuewele verschwannen aus eisen Dierfer a mir sinn erféiert se op der Rouder Lëscht erëmzefannen … A leider gehéiert de Kéisécker zu dësen Aarten déi bedreet sinn.

## Aktioun: Hëllefen d’Verschwanne vum Kéisécker ze verhënneren

Mir sinn eis et schëlleg, alles ze maachen, fir de Kéisécker, dee fréier heefeg an all Gaart an op der Gewan gelieft huet, virum Verschwannen ze retten…

**Bedeelegt och Dir lech! Dir kënnt op 2 Aart a Weise matmaachen:**

- Mëllt eis wann Dir e Kéisécker gesitt! Mir maachen domat eng Bestandsopnam, déi hëllefe wäert de Schutz ze verbesseren!
- Leet selwer e kéiséckerfrëndleche Gaart un! Schéckt eis Är Beispiller eran a reegt domat och aner Leit un!

Mat dëser an aneren Aktioune leeschte mir e Bäitrag fir den Erhalt vun eiser Biodiversitéit. Maacht och Dir mat! Mir sinn et eiser Natur, eis selwer an den nächste Generatioune schëlleg.

# DE KÉISÉCKER PRIVAT

## Wou kënnt de Kéisécker vir?

An Europa kommen 2 verschidde Kéisécker -Aarte vir, zu Lëtzebuerg nëmmen den „**Braunbrust- oder Westigel**" (*Erinaceus europaeus L.*). De „Nördlichen Weißbrustigel" (*Erinaceus roumanicus*) gëtt et nëmmen an Osteuropa.

Eist eenheemescht Däreldéier lieft als Eenzelgänger an naturnoe Gäert, Bongerten a Parken oder Hecken a Bëschränner.

## Wéi lieft de Kéisécker a wat steet op senger Menüskaart?

Kéisécker kënnen a Fräiheet bis zu 7 Joer al ginn (woubäi 2-4 Joer den Duerchschnëttsalter ass). Si sinn dämmerungs- an nuetsaktiv Mamendéieren, gesinn net besonnesch gutt, mee hunn duerfir eng aussergewéinlech gutt Nues!

Um Kéisécker sengem Menü stinn haaptsächlech Schleeken, Reewierm a buedemliewend Kiewerleken, Ouerewierm oder Schwéngercher (Kelleraasselen). Seng Beute gëtt „erschnoffelt" an da mat haardem Schmatzen gefriess.

## Wéi ass dat mam Nowuess beim Kéisécker?

No der Puerung (gaaanz virsiichteg...!') tëscht Mee an August kommen no e bësse méi wéi engem Mount meeschtens 3-5 Jonker blann op d'Welt, déi dann annerhallwe Mount vun der Mamm geniert ginn. Kéisécker friessen sech am Hierscht e Fettpolster un an halen en echte Wanterschlof vun November bis Enn Mäerz.



## Wéi kënnt de Kéisécker u seng Stachelen?

Charakteristesch fir de Kéisécker sinn seng 6.000-8.000 Stachelen, déi biologesch gesinn Hoer sinn, déi mat Horn (Keratin) verstäerkt sinn, fir sech géint natierlech Feinde, wéi Marder a Fuuss, ze schützen.

Allerdéngs geet dëst Stachelkleed net duer fir sech en Duess (Dachs) vum Läif ze halen, dee mat senge kräftege Patten den zesumme gerullten („ageigelten") Kéisécker auserneen ka rappen. Och géint déi laang Kralle vum Uhu ass dës Rüstung vum Kéisécker kee Schutz. Dës gréissten Eil schielt e Kéisécker reegelrecht aus senger Haut, iwwreg bleiwe just nach d'Picken.

# GEFORE FIR DE KÉISÉCKER AN URSAACHE FIR SÄI RÉCKGANG

**Déi natierlech Feinden an och déi héich Stierflechkeet am éischte Liewensjoer konnt de Kéisécker wärend Joerdausende gutt verkraaften. Mee géint den neie Geforen duerch de Mënsch, hat d'Evolutioun beim Kéisécker leider kee Schutz virgesinn ....**

## Iwwerliewen am zerschniddenste Land vun Europa?

Un aller 1. Plaz steet den Auto. Kéisécker ginn all Nuecht op Wanderschaft fir no Fudder an / oder engem Partner ze sichen. D'Männercher lafe generell méi wäit wéi d'Weibercher an hunn um Ënn vun der Nuecht dacks méi wéi 3 Kilometer um Bockel!

Dobäi mussen si wuel oder iwwel iwwert Stroosse lafen, well déi eenzel Liewensraim an deenen si sech ophalen ze kleng fir hinnen all dat ze bidden, wat si fir ze iwwerliewen a fir d'Reproduktioun brauchen. Well eis Landschaft duerch asphaltéiert Weeër a Stroossen esou zerschnidden ass, muss e Kéisécker am Duerchschnëtt méi wéi 3-4 mol pro Nuecht iwwert eng Strooss goen (Lëtzebuerg ass an der EU esouguer dat „zerschniddenstent" Land). Iwwregens: beim Wiessele vun enger Säit op déi aner, leeft de Kéisécker esou séier wéi e kann. Hie rullt sech net virum Auto zesummen, well dëst seng natierlech Reaktioun bei Gefor ass. Lues fueren iwwer Land kënnt also och dem Kéisécker ze gutt !

All Kéisécker begëtt sech also alldeeglech a Gefor fir iwwerrannt ze ginn. Jidderee kënnt wahrscheinlech den trauregen Ubléck vun engem iwwerrannte Kéisécker – eng ganz Rei vu Leit kënnen d'Déier wuel och just esou, an hunn nach ni e liewege gesinn!

Allerdéngs ginn och dës tragesch Biller ëmmer méi seelen! Net well d'Autoschauffeuren oder d'Kéisécker besser oppassen, nee de Kéisécker mécht sech ëmmer méi rar, et deet sech dat selwecht wéi bei den insektefräie Wandschutzscheiwe vun den Autoen.

## Eis Agrarlandschaft gëtt ëmmer méi kéisécker-feindlech!

De Kéisécker ass e Bewunner vun der Agrarlandschaft, hie lieft also primär an der oppener Landschaft mat Wisen, Felder, Bongerten... Esou wäit zur Theorie, an der Praxis sinn eis Agrarlandschafte fir de Kéisécker op grousse Flächen onbewunnbar. Niewent dem Gëftasaz an dem iwwerméissegen Dünger ass virun allem de Verloscht vun enger klengstrukturéierter Landschaft e Problem: kleng Parzelle mat Hecken oder klenge Brochen, all dat ass Passé. Do derbäi kënnt, datt d'Baueren ëmmer méi nuets Silage méien, grad da wann de Kéisécker seng Stopp verlooss huet an duerch landwirtschaftlech Parzelle leeft – mat déidlechem Ausgang.

## Als Insektefriesser gëtt de Kéisécker net méi sat

D'Insektebiomasse ass an de leschten 20 Joer ëm 70-80% zeréckgaangen. Dat bedeit natierlech entspriechend manner Fudder fir Insektefrësser wéi de Kéisécker! Also och méi grouss Distanzen ze lafe fir sat ze ginn, iwwer méi Stroossen lafen, méi iwwerrannten Déieren. Verantwortlech fir dëse staarke Réckgang un Insekten ass ënner anerem de massiven Asaz vu Pestiziden, déi nieft der direkter Reduktioun vu Fudder och méiglech Schied duerch Gëftakkumulatioun a Beanträchtegung vun der Gesondheet/Reproduktioun vum Kéisécker hunn. Jiddefalls sinn entspriechend Schied vun dëse Gëfter, wéi déi berüchtegt Neonicotinoïden bei Vullen, nogewisen. Dës systemesch wierkend Mëttele stinn och am Verdacht an der embryonaler Entwécklungsphase vun de Mamendéiere Schied um Nervesystem ze bewierken.



## Eis Gäert – déi lescht Chance fir d'Däreldéier?

**E wichtege Liewensraum fir de Kéisécker ware säit jeehier d'Gäert, wou de Klenggäertner e Kompostkoup ugeluecht, Wierm an Insekten ze fanne waren, genee wéi och Iwwerwanterungs- oder Verstopplazen.**

D'Liewen tëscht eisen Haiser a Residencë ass mëttlerweil awer fir den nuetsaktive Kéisécker ëmmer méi beschwéierlech ginn.

Pestiziden, steril Virgäertercher mat Beton a Schotter, kuerzgeméite Wues, zougebaute Broochen, feelend Geméisgäert a Bongerten ouni Insekten als Fudder, grad wéi onduerchlässeg Grenzdréit a Gaardemaueren engen de Liewensraum vun eisem stachelege Gesell ëmmer méi an. Och ongeséchert Kellerlucken- an Trapen, Gaardeweier, oppe Piscinnen a Waasserbasenge stellen eng Gefor duer, well de Kéisécker hei dacks net méi aus eegener Kraaft erauskënnt.

Wëll eis Stied an Dierfer leider ëmmer méi naturfriem an naturfeindlech ginn, kee Liewensraum a keng Nahrungsquellen iwwert d'Joer méi bidden, et keng Verstoppméiglechkeete méi gëtt, verschwënnt de Kéisécker aus eisen Uertschaften a Stied. Déi riseg Industrie- an Akafszone mat hirem Rollrasen an betonéierte Parkplazen si Symboler vun enger ëmmer méi exklusiv „mënschendominéierter" Landschaft, wou mol net méi dëse sympatheschen an dach relativ usprochslose Matbewunner iwwerliewe kéint.

# ZESUMMEN MÉI STAARK MEMBER GINN BEIM MOUVEMENT ECOLOGIQUE

mouvement écologique

LEIT BRAUCHE VISIOUNEN / VISIOUNE BRAUCHE LEIT

Ich/wir möchte(n) Mitglied werden (enthält das Kéisécker-Info)

☐ **Einzelmitglied**
Mindestbeitrag 50 € (Jugendliche unter 18 Jahren, Studenten, Arbeitslose 20 €)

☐ **Haushaltsmitgliedschaft ab 2 Personenhaushalt**

Name / Vorname ..... Nationalität* .....

Beruf ..... Geburtsjahr ...../...../.....

Unterschrift

Name / Vorname ..... Nationalität* .....

Beruf ..... Geburtsjahr ...../...../.....

Unterschrift

Name / Vorname ..... Nationalität* .....

Beruf ..... Geburtsjahr ...../...../.....

Unterschrift

Straße + Nr .....

Plz + Ortschaft .....

Email ..... Tel .....

Mindestbeitrag 75 €

☐ ich möchte die Publikationen des Mouvement Ecologique in gedruckter Form erhalten

☐ ich möchte keine Publikationen per Post, sondern konsultiere ggf. die Webseite

☐ ich abonniere mich auf die regelmässige elektronische newsletter
*(vergessen Sie bitte nicht Ihre email adresse anzugeben)*

Ich möchte aktiv mitarbeiten: ☐ Regionale .....

☐ Interessegebiet .....

**Einzugsermächtigung (im Falle eines Dauerauftrages):**

Ich gebe dem Mouvement Ecologique die Vollmacht über folgenden Dauerauftrag:

bei meiner Bank ..... IBAN .....

monatlicher Dauerauftrag ☐ 4,17 € ☐ 6,25 € ☐ 7,50 € ☐ 10 € oder ☐ ..... €

jährlicher Dauerauftrag ☐ 50 € ☐ 75 € oder ☐ ..... €

Datum ...../...../..... Unterschrift

* Muß gemäß dem Gesetz von 1928 betreffend Vereinigungen ohne Gewinnzweck nachgefragt werden
Doit être indiquée, conformément à la loi de 1928 concernant les asbl

**Mouvement Écologique** 6, rue Vauban L-2663 Luxembourg Tel. 43 90 30-1 **www.meco.lu**